Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*„Als Reaktioun op de Krich an der Ukraine an opgrond vun den héijen Energiepräisser, déi doduerch bedéngt sinn, huet de Rot vun der Europäescher Unioun den 22. Dezember 2022 e Reglement ugeholl, dat den Ausbau vun den erneierbaren Energien däitlech beschleunege soll.*

*Zu deem Zweck ginn d'Prozeduren op kommunalem Niveau fir eng bestëmmten Zäit adaptéiert, andeems konkret zäitlech Virgaben fir d'Ausstelle vu Baugeneemegunge virgi ginn. D'Gemengen hunn deemno zukünfteg ee Mount Zäit fir eng Baugeneemegung fir eng PV-Anlag ze ginn, falls dee Mount iwwerschratt ass, gëllt de Prinzip vum „Accord tacite“, d.h. d'Demande ass automatesch accordéiert.*

*Beim Ausbau vun den erneierbaren Energien sinn allerdéngs och déi staatlech Verwaltunge betraff fir Autorisatiounen ze ginn.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- *Wéi eng Efforten huet d'Regierung bis elo ënnerholl, fir d'Prozeduren am Kader vum Ausbau vun den erneierbaren Energien konkret ze beschleunegen?*

- *Kann d'Regierung soen, wou dat gréisst Potenzial fir eng Beschleunegung vun de Prozedure besteet?*

- *Falls net, huet d'Regierung wëlles, eng detailléiert Analys vun alle Prozeduren um Niveau vun de staatleche Verwaltungen ze maachen, fir erauszefannen wéi eng Prozedure beschleunegt kënne ginn?*

- *Gesäit d'Regierung vir, bei verschiddene Prozeduren am Kader vum Ausbau vun den erneierbaren Energien de Prinzip vum „Accord tacite" anzeféieren? Wa jo, wéi eng Prozedure wieren dat?*

- *Huet d'Regierung wëlles, sech eng Maximaldauer ze ginn, z.B. 6 Méint, fir all déi néideg Autorisatioune fir z.B. e Projet vun enger Wandanlag auszestellen?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten